piraten.lu

N°3544
Entrée le 27.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Busnetz zu Lëtzebuerg gëtt vum Lëtzebuerger Staat iwwert den RGTR organiséiert. Am System vum RGTR vergëtt de Staat, iwwer Konzessiounsverträg, ee Groussdeel vun de Busstrecken u Privatfirmen. Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1932 geet ervir, dass hei eng Busfirma (*Voyages Emile Weber Sàrl)* dee gréissten Deel u Buslinnen a Kilometeren vum Staat zougesprach krut. Wann een dozou nach den Deel vu WEmobility (Voyages Zenners) dobäirechent (nämmlecht Bénéficiaires effectifs), dann ergëtt d'Bild, dass ee Bénéficiaire effectif ronn 40% vun de Buslinnen a gefuerene Kilometer ofdeckt an dëst fir een Gesamtmontant vu ronn 240 Milliounen Euro fir d'Joren 2022–2024, wat ronn 50% vum Gesamtmarché ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill ëffentlech Ausschreiwungen beim Mobilitéitsministère goungen zënter 2020 un d'Firmen Emile Weber an WE Mobility?

2. Wat ass de Gesamtmontant pro Joer u bezuelte Gelder zënter 2020, déi un dës Firmen ausbezuelt gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés